LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6819 vum 12. September 2022 vum Här Deputéierten André Bauler.**

*Ass geplangt fir dëse Streckenofschnëtt ze ernéieren?*

Et ass geplangt dëse Streckenofschnëtt am Kader vun der Sécurisatioun vun der Nationalstrooss (N7) ze erneieren. Dësen Ofschnëtt gëtt uschléissend als national Vëlospist (PC7) benotzt.

*Ass virgesinn dëse Streckenofschnëtt an Zukunft ze notzen am Fall wou op der N7 geschafft gëtt oder en Akzident ass, dat net séier geraumt ka ginn?*

Wéi an der éischter Fro well duergeluecht ginn ass, ass et geplangt dësen Ofschnëtt als Vëlospist ze notzen. Sollt et awer zu engem Ongléck op dëser Plaz kommen, kéint een sech awer virstellen och den Autostrafic iwwert dësen Ofschnëtt ze deviéieren.

*Wéi vill aner Streckenofschnëtter laanscht d'N7 sinn de Moment an engem schlechten Zoustand a misste sanéiert ginn fir och als Spadséierwee, als Picnic-Plaz oder einfach als Noutstrooss am Fall vun Aarbechten an Akzidenter genotzt ze ginn?*

Déi meecht aner Streckenofschnëtter laanscht d'N7, déi an engem änlechen Zoustand sinn, wäerte spéiderhin am Kader vun der Sécurisatioun vun der N7 Bestanddeel vun der neier nationaler Vëlospist (PC7) ginn.

Lëtzebuerg, den 10. Oktober 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch